



zebuergesch schreiwen, awer wéi den Nico Helminger selwer, déi och Däitsch schreiwen als Lëtzebuerger Auteur oder Franséisch schwätzen, jo, souguer Englesch schreiwen, genuch wërden a fir dorausser en Atout och vun eiser Kultur ze maachen.

Här President, ech resuméieren: Mir mengen, datt dat hei net wierklech eng Strategie ass, well déi eigentlech gréisser gesellschaftlech Debat, déi esou engem Strategiepabeier misst virausgoen, net stattfonnt huet. Mir mengen, datt d'Ziler net definéiert ginn, wou mer hiwëlen. An duerfir fanne mer eigentlech den Inhalt vun deenen 13 Säite relativ moer.

Merci.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

Wëllt d'Regierung d'Wuert nach eng kéier ergräifen?

(*Négation*)

Merci.

Ech mengen, dat war e konstruktiven Echange. Mir sinn dann zum Debat mat enger Motioun saiséiert, sinn och saiséiert mat der Motioun vum Här Kartheiser. Ech géif mengen, dass een dat no der Chronologie soll maachen, wéi déi Motiounen erakomm sinn. Dat heescht, fir d'Éischt déi Motioun vum Här Kartheiser an dann duerno déi Motioun, déi am Rame vum Debat abruecht ginn ass.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(*Assentiment*)

Da maache mer dat esou.

Kann ech dovun ausgoen, dass alles erkläert ass? Ass keen, dee wënscht, d'Wuert nach ze ergräifen?

(*Négation*)

Merci, dann ass dat och esou decidéiert.

(*Interruptions par Mme Martine Hansen et M. Fernand Kartheiser*)

Motions

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wëll just kuerz begrënnen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah okay. Ma dann, Madamm Hansen, wann Dir wëllt, dann huet...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Maache mer déi zwou Motiounen mateneen? Oder?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir stëmme se noeneen of. Mä Dir kënnt awer Stellung huelen zu deenen zwou.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech kann awer schonn zu deenen zwou Motiounen Stellung huelen.

Bei der Motioun vun der ADR, do muss ech soen, datt mer mat eenzelne Punkte kënnen averstane sinn, wéi zum Beispill de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch als administrativ Sprooch ausbauen oder d'Lëtzebuergesch och an den Europaschoulen ze ënnerstëtzen oder och international Schoulen. Och op eng multilingual gratis Fréierzéiung u sech ze verzichten.

Mä mir kënnen awer och mat anere Punkten net averstane sinn. Ech wäert der just zwee hei soen.

Dat Éischt ass, eist Nationalitéitengesetz misst jo elo erëm geännert ginn. Mir hunn et virun engem décke Mount gestëmmt. Mir hunn dat och matgestëmmt, well et dréit den Uspréch Rechnung an et dréit der Realitéit Rechnung. A mir sinn och net averstane mat deem Punkt, d'Lëtzebuergesch als vollwärtig Sprooch an der Legislatioun anzesetzen, well mer der Meenung sinn, datt mer net dee Vocabulaire hunn, fir wierklech Gesetzestexte ze iwwersetzen respektiv ze schreiwen. Mä mir haten, an dat hu mer elo an der Debat gesot, nach eng kéier gefrot, fir se kënnen a vulgariséierter Form explizéiert ze kréien. Dofir wäerte mer déi Motioun vun der ADR net stëmmen.

Dann och vläicht séier zur Motioun vun der Majoritéit. Och déi wäerte mer net stëmmen. Et steet u sech hei net vill Neies dran. Et steet hei dran, et wär eng Strategie. Ech hat schonn erkläert virun, dat hei ass keng Strategie. Et ass eng Oplëschtung vu 40 Punkten, wou der vill net ganz nei sinn. Et feelt eis, datt de Congé linguistique, datt d'Spuermesure soll u sech réckgäנגeg gemaach ginn. An natierlech si mer och net mat där gratisser a méisproocheger Fréikanderzéiung ouni wëssenschaftlech

Konzept averstane, wat awer hei als Mesure drasteet. Dofir stëmme mer och hei dergéint.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Hansen. Weider Wuertmeldungen? Den Auteur vun der Motioun huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Jo, Här President, villmools Merci. Et war net meng Intentioun ze schwätzen, mä et war awer elo vläicht interessant, nodeem d'Madamm Martine Hansen och geschwat huet, du wollt ech awer e puer Wuert soen. Déi Motioun, déi hate mir jo schonn den 11. Oktober zejoert an der Chamber deponéiert. Dat heescht, datt mer eigentlech deemools, an där Situatioun eis erwaart haten, datt géif direkt driwwer ofgestëmmt ginn. Dat war deen Abléck net de Fall, well aner Echancen ugekënnegt gi sinn, soudatt déi Motioun hei an där Form elo muss mat deem Hannergrond ënnersicht ginn.

An ech muss soen, ech hunn op jidde Fall den Androck, datt d'Regierung sech an hirem Plang net nëmmen inspiréiere gelooss huet vun der Motioun vum Här Lucien Welter, mä och vun deser ADR-Propositioun, déi als Motioun jo schonn zënter dem Oktober um Dësch läit. An do sinn eng Rei Punkten, vun deenen ech unhuelen, datt se en Effet haten. Dat ass, d'Lëtzebuerger Sprooch an der EU als Amtssprooch am Sënn vun den Decisiounen vum 13. Juni 2005 huelen; dat ass eppes, wat mir hei ganz konkret proposéiert haten. D'Lëtzebuergesch an den Europaschoulen, an de Privatschoulen an an den auslännesche Schoulen zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen: Och do fanne mer Spuren am Aktionsplang vun der Regierung. D'Offer vun de Sproochecoursen a vun de Coursen iwwer Lëtzebuerger Kultur konsequent an nohalteg weider ausbauen; dat si Beispiller. Oder och e bësse méi wäit, d'konkret Méiglechkeete fir Lëtzebuergesch ze léieren, dat fënnt sech erëm an enger Referenz op de Congé linguistique an de Propositionen vun der Regierung.

An deem Sënn denke mer, datt des Motioun och schonn hiren Effet hat, datt se derzou bäigedroen huet an der Regierung, an deene Parteien, de Reflexiounsprozess virunzebréngen. An an deem Sënn, mengen ech, ass se nach ëmmer aktuell an huet sech bewäert. An ech si frou, datt mer haut och da kënnen doriwwer ofstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen zu deenen zwou Motiounen?

Da géif ech lech bieden, fir d'Éischt iwwert d'Motioun vum Här Kartheiser ofzestëmmen.

(*Motion déposée en séance publique n°1 du 11 octobre 2016 - à consulter au compte rendu n°1/2016-2017 en page 4*)

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen; d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 3-mol Jo, 56-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferd, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen direkt zu där zweeter Motioun iwwergoen. Ech mengen, och do ass alles gesot. Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Deputéierten hu sech bedeelegt: 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun ugehall. Merci.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferd, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet de loi 7105. E betrëfft déi eemoleg Primm an der Fonction publique. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

4. 7105 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour l'année 2016 dans le cadre de l'accord salarial du 5 décembre 2016 dans la Fonction publique

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, wéi Der wësst, de 5. Dezember zejoert huet d'Regierung zesumme mat der CGFP en neien Accord salarial ofgeschloss fir d'Joren 2016, 2017 an 2018.

An dësem Accord stinn 23 Moosnamen, déi déi Beschäftegt am ëffentlechen Déngscht treffen. Bei dëse wichtege Moosname geet et ëm déi sozial Verantwortung vum Stat als Patron, ëm administrativ Vereinfachungen, e groussen Deel handelt iwwert d'Wuelbefannen an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz, ëm Carrièreharmoniséierungen an ëm e bessert Verknäpp vum beruffleche Liewe mat deem privaten.

Vun deenen 23 Moosname sinn awer och siwe Moosnamen, déi mat de Paieren, also den Traitement ze dinn hunn. Wann och manner wéi een Drëttel vun de Moosnamen direkt eppes mat de Paie vun de Statsbeamten ze dinn hunn, esou wësse mer awer alleguerten, dass et dacks dës Moosname sinn, déi am grand Public diskutéiert ginn.

Heizou ass ze soen, dass d'Regierung 2013 dovunner ausgangen ass, dass et am Laf vun dëser Legislaturperiod net zu enger genereller Opbesserung vun de Gehälter am ëffentlechen Déngscht géif kommen, well virun dräi an engem hallwe Joer déi finanziell Situatioun vum Stat an och déi generell ekonomesch Situatioun vun eiser Wirtschaft dat net hiergoufen.

An der Tëschenzäit huet déi finanziell Situatioun vum Stat sech awer verbessert an och eis Wirtschaft steet haut erëm vill besser do wéi virun e puer Joer. Dat war den Ulass fir d'Regierung, fir, wann och nëmme moderat, Lounopbesserungen am Accord salarial festzehalen. D'Regierung erhofft sech natierlech och, dass se domat en Zeeche ka setze fir d'Verhandlungen, déi am Privatsektor lafen. Well wann et der Wirtschaft gutt geet, da muss et och de schaffende Leit gutt goen.

Et gouf, zesumme mat der CGFP, festgehalen, dass am ëffentlechen Déngscht eng Prime unique ausbezuelt gëtt, déi 1% ausmécht vum Traitement, deen d'Fonctionnairen oder d'Beamten am Joer 2016 kritt hunn. Dës Primm soll den 1. Abrëll kënnen ausbezuelt ginn. Well awer vill vun den anere Moosnamen aus dem Accord salarial, déi ech virun opgezielt hunn, nach net prett sinn, fir ëmgesat ze ginn, gouf dësen Deel aus deem ganze Pak virgezunn, fir dass de Stat kann, esou wéi et ofgemaach war, dës Primm mat Zäiten ausbezuelen.

Zu dëser Primm ass Folgendes ze soen: Si ass net pensionabel, dat heescht, se zielt net bei der spéiderer Pensiounsberechnung vun der Fonctionnairen, déi am Régime spécial transitoire sinn. Se gëtt um Prorata gerechent vun de

Méint, déi de jeeeweilege Fonctionnaire oder Beamten am Joer 2016 am Déngscht war. Fir d'Berechnung zielen den Traitement de base mat Allongement, d'Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières a fir d'Fonctions dirigeantes, d'Familljenzoulag, d'Allocation de fin d'année an d'Suppléments personnels de traitement.

Fir komplett ze si sief nach gesot, nieft de Fonctionnairen a Beamte beim Stat gëllt dës Primm och fir d'Memberen aus der Chamber, dem Statsrot an de Lëtzebuerger Vertrieeder am Europaparlament.

An der Chamberskommissioun gouf de Minister Kersch gefrot, wéi wäit dass ee mat den Texter wier, déi d'Gemeengebeamte betreffen. An de Minister konnt bestätegen, dass dëst Règlement och prett misst sinn am Gemengesektor fir den 1. Abrëll.

Och d'Eisebunner kommen, no dem Vott vun haut vun dësem Gesetz, an de Genoss vun der Prime unique.

Ausser e puer textuelle Formuléierungen hat de Statsrot näischt um Projet de loi aussetzen. An och an der Chamberskommissioun gouf de Projet eestëmmeg ugehall. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun eiser Partei.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Cruchten. An d'Wuert huet den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, Merci fir säi schrëftlechen an och haut mëndleche Bericht.

Am Regierungsprogramm steet effektiv: «Compte tenu de la situation des finances publiques, aucune nouvelle augmentation (...) du point indiciaire n'aura lieu pendant cette législature. Les négociations futures seront axées autour d'améliorations statutaires.»

Mat dem Gesetzesprojet vun haut setze mir eng vun de gläich siwe Gehaltsmoosnamen ëm aus dem Accord salarial vum 5. Dezember 2016. An ech géif soen, et war wuel manner d'Evolution vun den ëffentleche Finanzen, mä éischer eng geschéckt Verhandlungsstrategie vun der CGFP, déi eng politesch Noutsituatioun vun enger Regierung, oder virun allem engem Minister, genotzt huet, fir zu dësem Accord salarial ze kommen.

D'CGFP, Dir Dammen an Dir Hären, huet jiddefalls gutt verhandelt. D'CGFP huet de Regierungsprogramm widderluecht an aus den Améliorations purement statutaires goufen nawell zolidd Retombées pécuniaires. An hannert virgehalener Hand gëtt esouguer gesot: „A wa se nach méi gefrot hätten, hätte se vläicht och nach méi kritt.“

Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et ëm d'Prime unique vun 1% fir d'Joer 2016. Virun zéng Joer, beim Accord salarial vum 2007, do gouf eigentlech fir d'Éischt op de Mechanismus vun der Prime unique zréckgegraff. Den Avantage vun der Prime unique ass eigentlech deen, dass een engem eppes an der Paitut bäigëtt, ouni dass de Mechanismus dovunner recurrent ass, dat heescht, dass e sech widderhëlt. Duerfir och d'Wuert „prime unique“, well de Punkt-wäert fir d'Gehaltsberechnung, dee bleift an dësem Fall onverännert.

Dës Prime unique, an de Rapporteur huet et gesot, ënnerläit effektiv der Pensiounscotisation, ouni dass se awer pensionabel ass. Well awer eng Cotisation erhuewe gëtt, spillt d'Prime unique awer um Niveau vum Facteur d'ajustement vun de generelle Pensiounen. Dat heescht, si garantéiert doduerch och eng dynamesch Adaptatioun vun dem allgemengen Niveau vun de Pensiounen.

Technesch ass de Projet och alignéiert op fréier Gesetzter, déi d'Prime unique aus engem Gehälteraccord ëmgasat hunn. D'CSV vermësst awer, dat soe mer, wat den Impakt vun de Gehaltsopbesserungen aus dem Accord salarial vum Dezember 2016 op de konventionéierten an awer och op den assimiléierte Sektoren ass. Mir bedauern eigentlech, dass et hei bis haut nach keng chiffréiert Donnée ginn, déi do op dem Dësch leien.

Mir stellen eis och d'Fro, wat de Sënn eigentlech vun dem Artikel 2 aus dem Gesetzesprojet ass, an dobäi besonnesch dee leschte Saz. Hei heescht et effektiv: «La présente loi entre en vigueur le jour de sa publication au journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.» Also dem Mémorial, zënter Dezember 2016. Mä da kennt e Saz, dee seet: «Les dispositions de l'article 1^{er} prennent effet au 1^{er} janvier 2016.» '16, net '17! An hei gëtt eigentlech eng Retroaktivitéit agefouert, déi guer net néideg gewiescht wier. Well d'Suen, déi gi jo elo 2017 ausbezuelt. An d'Berechnungsbasis vun der Prime unique si leedeglech Gehaltselementer vun 2016, mä déi sinn esou oder esou ginn an



déi stinn och fest, well jiddweree weess, wat de Revenu annuel vun 2016 war. An d'Gesetz huet och heiproguer keen Afloss. Et handelt sech hei eigentlech ëm eng sougenannten „rétroactivité économique“, dat heescht, et hëlt een en Emstand aus der Vergaangenheet als Grondlag, fir eng gesetzlech Moosnam fir d'Zukunft ze regelen. An hei ass d'Gehalt vum Joer 2016 ganz einfach d'Grondlag, mä d'Prime unique gëtt ausbezuelte nom Akraafttriede vun dësem Gesetz.

An duerfir muss ech soen, et ass dach e bëssen erstaunlech, dass de Statsrot sech zwar mat, wéi de Rapporteur gesot huet, ville Wuertspille-reen ausananageresat huet, ob et elo e Conseiller d'État oder e Membre vum Conseil d'État ass an nach x Remarquen handelt, mä de Statsrot seet awer absolutt näischt zu dësem fundamentale Problem vun der Retroaktivitéit.

Duerfir, sous réserve vun dëse Bemierkungen, Här President, stëmmt d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei, déi mer sinn, dësem Gesetzesprojet dann awer zou. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Roth. An als Nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Als Spriecher vun der Demokratescher Partei brauch ech jiddefalls net esou laang ze ruddere wéi mäi Virspriecher vun der CSV a kann och direkt soen, datt d'Demokratesch Partei ouni iergendwellech Bedenken hannert dësem Gesetzesprojet steet. Richtig ass effektiv, datt an dem Regierungsofkommes net stoung, datt et nach sollt zu enger Erhéijung vun den Traitementen kommen. Mä op där anerer Säit dierf een och net vergiessen, datt sech jo awer och déi ekonomesch Situatioun verbessert huet, datt och aner Parameter sech verbessert hunn, soudatt mir et awer och als opportun ugesinn, datt een zu dësem Zäitpunkt dës Prime unique wäert matdroe kënnen.

Datt mer et och zu dësem Zäitpunkt stëmmen, ass evident. Ech mengen, mir hunn en Zäitpunkt festgehal vum 1. Abrëll. Dat hätte mer net fäerdegbruecht, wa mer elo e ganzen Accord salarial, deen de 5. Dezember mat der CGFP ënnerschriww ginn ass - deen iwwerengs ganz interessant Neierungen och beinhalt -, hätte mer also wéi gesot dës Punkt net kënnen ëmsetzen, wa mer dee globalen Text schonn elo hätte misse ganz ficeliert hunn. An deem Sënn ass et also ganz richtig, datt mer zu dësem Zäitpunkt dat Gesetz hei stëmmen.

An, wéi gesot, nach eng Kéier ouni Ëmweeër kann ech da gesot kloer och den Accord vun der DP bréngen.

(Interruptions)

Ech wëll awer och nach ofschléissend selbstverständlech dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soe fir säi schrëttlechen a säi mëndleche Bericht.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Dann huet den Här Claude Adam d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Fernand Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Cruchten Merci. En huet en Talent, fir déi schwierig Gesetzer aus dem Beräich vun der Fonctioun publique ëmmer ganz gutt ze erklären. Him e grouse Merci.

Fir d'ADR wor et och iwwerraschend, fir ze gesinn, datt mer eng Regierungskoalitioun hei hunn, déi hire Regierungsprogramm hei carrément niéiert. Ech mengen, dat ass wierklech ganz interessant, dat feststellen. An ech ka mech ganz gär de Kommentare vum Här Roth uschlëssen, déi probéieren, eis de psychologeschen Hannergrond vun där 180-Grad-Kéier hei ze erklären.

Et ass awer fir eis méi wéi dat doten, wa mer feststellen, datt d'Regierung hei hir eege Versprieche an hir eege Virsätz net anhält. Sécher huet d'CGFP gutt verhandelt, wéi den Här Roth gesot huet. Ech mengen, dat muss een unerennen. Mä hei gëtt et esou duergestallt vun der Regierungssäit, als kéint sech dat Ganzt justifiéieren, well sech jo eis finanziell Situatioun terribel verbessert hätt!

Wéi dës Regierung 2013 dann op jidde Fall - ech weess net, ob d'Regierung gewielt gouf,

dat ass eng aner Diskussioun! -, mä op jidde Fall, wéi déi dräi Parteien, déi elo eng Majoritéit stëllen, genuch Stëmmen zesumme kruten, fir dës Regierung kënnen ze forméieren, wéi dat de Fall war, hate mer am Stat 720 Milliounen Defizit. Haut hu mer an dësem Statsbudget 2017 iwwer eng Milliard Defizit. Mir hunn dëst Joer zwou Milliarden, dës Regierung huet elo grad zwou Milliarde geléint! Ech mengen, dat ass elo een, zwee Méint hier. De Pluriannuel fir déi nächst Joren, d'Prévisioun fir de Budget fir déi nächst Joren hunn all Joer en Defizit am Statsbudget iwwer eng Milliard!

An do stellt sech fir eis awer eng ethesch Fro: Gi mir hin als Politik a maachen eng Erhéijung vun eise Liewensstandard op d'Käschte vu Scholden, op d'Käschte vun deem, wat eis Kanner déi nächst Generatiounen mussen bezuelen? Hu mer net schonn iergendwou awer e Plaffong erreecht, wou et eis esou gutt geet, datt mer net méi op de Wee vun esou Moosname mussen goen? Ass et verantwortlech, an Zäiten, wou mer eng Milliard Defizit hunn, nach esou Moosnamen ze huelen, no enger Steuerreform an no anere Mesuren, déi de Leit awer och méi an de Portmonni bruecht hunn? Mir mengen net!

Mir sinn awer anescht konsequent wéi d'CSV. Mir hunn och Kriticken an dësem Gesetz. Awer mir zéien déi richtig Konsequenz aus eiser Logik an aus eisen Argumenter. D'CSV seet, wat alles schlecht ass, a si stëmmt derfir. An ech kann lech soen, mir maachen eng Analys, eng ethesch Analys, ob et verantwortlech ass, dat doten ze maachen. Mir kommen zur Konklusioun: Et ass net verantwortlech. An dofir stëmme mir mat Neen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Wéi schonn de Rapporteur et gesot huet, dee Projet de loi gouf unanime ugeholl, dat heescht och mat eiser Stëmm, an der Kommissioun.

Mir begrëssen natierlech déi Prime unique. Mä mir wollten awer nach eppes dozou soen: datt an eisen Aen, an dat ass jo kee Geheimnis, de Service public eppes ganz Wichteges ass, a fir eis ginn et dofir e puer Viraussetzungen, datt e Service public, dat heescht e Service, deen am Dëngscht vun alle Bierger ass, gutt fonctionnéiert. Dat heescht ënner anerem, datt Fonctionnaire richtig bezuelt ginn an datt anerersäits och de Service public esou organiséiert gëtt, datt ënner anerem och Fonctionnaire korrekt kënnen schaffen am Dëngscht vun de Bierger.

Dës Regierung hat schonn am Ufank vun der Legislaturperiod eng Reform vun der Fonctioun publique gemaach, wou mir och duerch mäi Virgänger hei, de Justin Turpel, eng gutt 40 Amendementer erabruucht haten, well mir u sech net mat der Ausrichtung averstane ware vun der Organisatioun vu gewëssene Reforme vun der Fonctioun publique. Well an eisen Aen ass et genausou wichteg wéi och Gehältererhéijungen, esou kleng se och kënnen hei ausgesinn.

Et dierf een och net mengen, an dat an der aktueller ekonomescher Situatioun och, wat d'Präisser ueegt, wat d'Logementspräisser haaptsächlech och nach ueegt, datt et och e Schlaraffeland ass elo, esou wéi dat ëmmer esou duergestallt gëtt, fir all Fonctionnaire. Bäi Wäitem net! Et dierf een och net vergiessen, datt et gutt fir d'Ekonomie ass am Globalen, wa Fonctionnairen och iwwer eng gutt Kafkraaft verfüge kënnen. Dovunner profitéiert jiddwereen.

A mir wëllen awer och nach drun erënneren, datt ee misst awer global iwwert d'Salaire schwätzen, ob public oder privat. Well am Privaten, dat wësse mer jo och, datt et net méi esou gutt ausgesäit an u sech ëmmer méi schlecht ausgesäit. An dat muss een natierlech maachen, ouni déi zwee Regimier géinteneen auszespillen. Dat heescht u sech, och eng Opwäertung vun de Salaren am private Secteur ass an eisen Ae wichteg, ouni datt op d'Fonctioun publique geklappt gëtt. Dat wier natierlech falsch.

Mir wäerten dofir och..., souwisou hu mer et schonn thematiséiert, de Marc Baum huet dat jo och scho gemaach, wat d'Working Poor ueegt. Ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi am Prinzip eng Regierung misst féieren. Da wäerte mer se dann eben e bësse provozéieren. Ceci étant dit, mir wäerten, wéi ech dat scho gesot hunn, dës Gesetzesprojet matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Fonctioun-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Merci och un d'Spriecher vun deenen eenzelne Fraktiounen. A virun allem Merci dann och un déi grouss Majoritéit vun de Fraktiounssprieche, dass Der dësem Projet de loi kënnst zoustëmmen.

Ech huelen och mat Satisfaktioun zur Kenntnis, dass och déi gréisst Oppositionspartei, d'CSV, dem Accord salarial dann a senger Gesamtheit schéngt zouestëmmen, mä ganz besonnesch awer och der Prime unique, déi haut hei op der Dagesuerdnung steet.

Et ass zwar schwéier novollzéibar fir mech, wéi een op där enger Säit ka soen, d'CGFP hätt extrem gutt verhandelt, an op där anerer Säit, dass se hätt kënn méi froen, wa se da gewollt hätt. Wéi gesot, ech mengen, dass do e gewësene Widdersproch an där Ausso steet. Mä do ka vläicht hei duerno ee mer dee Widdersproch erklären.

Et ass fir mech jiddefalls och net esou, dass d'Regierung an iergendenger Noutlag gewiescht wär oder och de Minister an enger Noutlag gewiescht wär. Wann dat esou gewiescht wär, da géif ech gär wëssen, a wéi enger Noutlag meng Virgänger gewiescht wären, déi an enger Situatioun vun totaler Wirtschaftskris hei zu Lëtzebuerg Accorden ofgeschloss hunn, déi de Statssäkel wesentlech méi deier gi wéi dat, wat mer haut an och an Zukunft wäerten diskutéieren.

Wéi gesot, nach eng Kéier Merci u jiddwereen, dee gehollef huet, dës Projet ëmzesetzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Minister.

Mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet de loi 7105 iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7105 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

(Interruption)

Mir korrigéieren dat, mir gesi jo, wien alles hei ass an da maache mer dat.

De Vott ass ofgeschloss a mir hu 56 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet 7105 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7105 est adopté par 55 voix contre 3 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisge Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Ech soen lech Merci.

Da komme mer zum nächste Projet, dem Projet de loi 7023 iwwert d'Ännerung vun de Stadlimitten oder Stadgrenzen tëschent der Stad Esch an der Gemeng Suessem. An deeseweichte Rapporteur, den Här Yves Cruchten, huet d'Wuert.

5. 7023 - Projet de loi portant changement de limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Commune de Sanem

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Nach eng Kéier Merci. Ech maachen dat och elo kuerz.

(Brouhaha)

Viru 25 Joer war de Projet vun der Revalorisatioun vun den alen Industriefrichen tëschent Esch a Biele nach en Dram vun eenzelne Politiker. Deemoos huet ee vill Fantasie gebraucht, fir sech deen neie Quartier virzustellen. Haut, 25 Joer méi spéit, gëtt dat Ganzt Realitéit. Niewent den Héichiewe sinn haut Geschäfte, eng Rockhal, eng Universitéit, sëllech Büroen a Gesellschaften. Hei entsteet och Wunnraum fir Jonk an Al, Wunnraum, dee méi wéi dréngend gebraucht gëtt an eise Land.

Dee ganze Projet vum Belval entsteet, wéi mer wëssen, iwwergräifend op dem Territoire vun der Stad Esch an dem Territoire vun der Gemeng Suessem. De Quartier allerdéngs gouf net entworf a gezechent no de Prämissen vun de Gemeengegrenzen. Dofir ass et net verwonnerlech, wann haut an der Realisatioun d'Stroossen an d'Terrainen dës Grenzen iwwerscheiden.

Et ass deemno ubruecht, fir d'Gemeengegrenze frësch ze zéien an esou en administrativen Duerjerneen ze verhënnere, zum Beispill bei den Adressen. Aus dësem Grond gëtt mat dësem Projet de loi en Echange vun Terrainen gemaach tëschent deenen zwou Gemengen. Sou trëtt d'Stad Esch 519,95 Ar un d'Gemeng Suessem of an ëmgedreit wiesselen exakt gradesou vill Ar aus der Sektoun Biele eriwuer an d'Sektoun Esch-Nord.

Mat dësem Echange gëtt also keng Gemeng méi kleng nach méi grouss, mä et ass gewosst, wie responsabel ass fir d'Reseauen, d'Uschlëss an d'Infrastrukturen. Déi zwee Gemengeréit hunn dës Operatioun och ewell eestëmmeg guttgeheescht.

De Statsrot hat keng Observatioun ze maachen. An och an der Chamberskommissioun gouf de Projet eestëmmeg ugeholl.

Nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Dann huet d'Wuert den Här Laurent Zeimet.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. De Rapporteur huet gesot, keng vun deenen zwou Gemenge géif méi grouss ginn, mä ech mengen, duerch dësen neie Site ginn déi zwou Gemengen zesumme méi grouss. An doriwwer eraus, och eis Regioun gewënnt do derduerch.

Ech kommen aus enger Gemeng, déi esou en äänlechen Exercice viru Joren och mat der Nopeschgemeng gemaach huet, a wënschen deenen zwou Gemengen, datt se sech och elo eens ginn, wéi se hir Stroosse wäerten an Zukunft benennen. Mir sinn do gudder Hoffnung, datt hinnen dat och wäert geléngen a wënschen hinne bonne Chance!

An ech soen och dem Rapporteur Merci a ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Den Här Zeimet huet mer säi Witz geklaut, vun dohier géif ech da just nach dem Rapporteur Merci soen - also mäi Witz geklaut, dat mat de Stroossennimm, dass mer eis richtig verstinn -, dofir bleift mir och just nach, dem Rapporteur Merci ze soe fir dee gudden schrëttlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

Merçi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'nächst Kéier hutt Der dann een op Reserv.

► **Une voix.** - Voilà.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci. Selbstverständlech bréngen ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

An ech wier och frou - wann ech mäi Kolleeg hei vun der Käerjenger Gemeng gesinn -, mir wieren och frou, wa mer dat eng Kéier kéinten zwëschen Déifferdeng a Käerjeng maachen, well mir hunn am Fong geholl en Altersheim, wou Nidderkuer ass, an et ass nach op Käerjenger Terrain. D'Entrée ass dee falsche Wee. An